N°3898
Entrée le 09.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.04.2026
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 02. Abrëll 2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Den Ombudsman fir d'Rechter vum Kand, warnt viru schwéiere Konsequenzen nodeems um Niveau vum Europa Parlament decidéiert gouf, déi temporär Ausnam bei der *E-Privacy*-Direktiv net ze verlängeren.

Zanter 2021 hat dës Iwwergangsreegelung et grousse Plattformbedreiwer erlaabt, privat Kommunikatioun fräiwëlleg op Inhalter am Zesummenhang mat sexuellem Kannermëssbrauch ze kontrolléieren a verdächteg Inhalter un déi zoustänneg Autoritéiten ze mellen. Laut dem Ombudsman wieren bis elo ronn 99 Prozent vun de Meldungen an Europa duerch esou fräiwëlleg Kontrollmechanismen zustane komm. Mam Enn vun dëser Derogatioun gëtt d'Identifikatioun an d'Verfollgung vu Kannermëssbrauch am Netz elo däitlech méi schwéier. Den Ombudsman fäert, datt dat virun allem kriminelle Reseauen an d'Kaarte spillt an d'penal Poursuitte staark erschwéiert.

Hannergrond vun der politescher Blockaden ass virun allem d'Diskussioun ëm de Schutz vun der Privatsphär: verschidde politesch Fraktiounen op europäeschem Niveau gesinn esou Kontrollmechanismen als en ze staarken Agréff an d'Fräiheetsrechter vun de Bierger. Bis eng nei europäesch Direktiv a Kraaft trëtt, entsteet domat e juristesche "Vide".

An deem Zesummenhang well ech follgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen :

- Wéi bewäert d'Justizministesch d'Konsequenze vum Enn vun der europäescher Derogatioun fir d'Verfollgung vu Kannermëssbrauch am Netz zu Lëtzebuerg?
- Ass Lëtzebuerg bereet, sech op europäeschem Niveau fir eng séier nei Rechtsgrondlag anzesetzen?
- Gëtt et aktuell national Mechanismen oder gesetzlech Méiglechkeeten, déi et Plattformbedreiwer erlaben, och ouni europäesch Derogatioun aktiv géint esou Inhalter virzegoen?

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

- Wéi vill Meldungen am Zesummenhang mat sexuellem Kannermëssbrauch am Internet goufen an de leschte Joren zu Lëtzebuerg registréiert, a wéi vill dovunner stamen aus fräiwëllege Kontrollen duerch Plattformen?
- Wéi eng Mesuren plangt d'Regierung, fir e méigleche "Vide juridique" ze iwwerbrécken, bis en neie Kader um europäesche Niveau a Kraaft trëtt?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Nancy Arendt**
**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, vum Här Wirtschaftsminister, Lex DELLES, a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, op d'parlamentaresch Fro n° 3898 vum 2. Abrëll 2026 vun der honorabeler Deputéiert Nancy ARENDT zum Sujet « Fin de la dérogation e-Privacy et conséquences pour la lutte contre les abus sexuels sur mineurs en ligne »**

- **Wéi bewäert d'Justizministesch d'Konsequenze vum Enn vun der europäescher Derogatioun fir d'Verfollgung vu Kannermëssbrauch am Netz zu Lëtzebuerg?**

  Um europäeschen Niveau lafen d'Verhandlunge fir d'Detektioun an d'Bekämpfung vu Kannermëssbrauchsmaterial dauerhaft an engem legale Kader ze verankeren. Des Matière ass delikat, well eng Balance muss fonnt ginn tëscht dem effektive Schutz vun de Kanner an dem Kampf géint Kannermëssbrauch op där enger Säit, an dem Schutz vun der Privatsphär vun den EU-Bierger ë.a. virun enger staatlecher Masseniwwerwaachung op där anerer Säit. Op Grond vun där Komplexitéit daueren déi Verhandlungen un.

  Virun deem Hannergrond war et ze begréissen, dass sech op europäeschem Niveau op en temporäre Regime konnt gëeegent ginn, deen de Plattformbedreiwer wärend der Zäit vun de Verhandlungen erlaabt huet, op fräiwëlleger Basis Kannermëssbrauchsmaterial ze detektéieren, ze mellen an ze läschen. Et war der Regierung hir Erwaardung, dass deen temporäre Regime géif verlängert gi soulaang d'Verhandlunge vun der permanenter Léisung nach lafen.

  D'Regierung bedauert zudéifst, dass d'europäesch Co-Législateuren hiert Zil net erreecht hunn, an den temporäre Regime ouni Alternativ auslafe gelooss ginn ass. D'Konsequenz vun där Decisioun ass nämlech, datt et lo méi schwéier ginn ass, sexuelle Mëssbrauch am Internet ze detektéieren an ze verfollegen.

- **Ass Lëtzebuerg bereet, sech op europäeschem Niveau fir eng séier nei Rechtsgrondlag anzesetzen?**

  Wéi schonn a fréieren Äntwerten op parlamentaresch Froen (cf. n° 2764, n° 3281) erkläert, ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Regierung aktiv d'Efforten um europäesche Plang souwuel fir de gemeinsamen a geziilte Kampf an der Europäescher Unioun géint Pedokriminalitéit, ewéi allgemeng fir e bessere Jugendschutz am Internet.

- **Gëtt et aktuell national Mechanismen oder gesetzlech Méiglechkeeten, déi et Plattformbedreiwer erlaben, och ouni europäesch Derogatioun aktiv géint esou Inhalter virzegoen?**

  Sou Mechanismen existéieren am Kader vum Digital Services Act (DSA)[1], deen de 17. Februar 2024 a Kraaft getrueden ass an deen zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 4. Abrëll 2025[2] ëmgesat gouf.

---

[1] Règlement (UE) 2022/2065 du Parlement européen et du Conseil du 19 octobre 2022 relatif à un marché unique des services numériques et modifiant la directive 2000/31/CE (« Digital Services Act »).
[2] Loi du 4 avril 2025 portant mise en œuvre du règlement (UE) 2022/2065 du Parlement européen et du Conseil du 19 octobre 2022 relatif à un marché unique des services numériques et modifiant la directive 2000/31/CE (règlement sur les services numériques) et portant modification de: 1° la loi modifiée du 14 août 2000 sur le commerce électronique ; 2° la loi modifiée du 30 novembre 2022 relative à la concurrence.

Allerdéngs viséiert den DSA net de Contenu, deen a private Kommunikatiounen ausgetosch gëtt, notamment op private Messaging-Plattforme wéi Signal oder Telegram, déi ënnert d'Direktiv (EU) 2018/1972[3] an d'ePrivacy-Direktiv falen.

Den DSA viséiert illegal Inhalter, déi an ëffentlech zougänglechen Noriichten ausgetosch ginn, wéi zum Beispill Posts op sozialen Netzwierker oder Posts an oppene Kanäl vun Online-Plattformen[4] wéi WhatsApp oder Discord. Sou ënnersträicht den DSA d'Verantwortung vun Online-Plattformen a schaaft kloer Prozedure fir d'Läschung vun illegalen Inhalter. D'Plattforme kréie verschidden Obligatiounen operluecht, dorënner:

- d'Justizautoritéiten iwwer all Verdacht op Strofdoten, wéi zum Beispill sexuelle Mëssbrauch vu Kanner, ze informéieren;
- d'Ëmsetzung vu Mechanismen zum Schutz vu Mannerjäregen;
- d'Bereetstellung vun engem System fir illegal Inhalter ze mellen. Wann e Benotzer d'Plattform iwwert d'Existenz vun illegalen Inhalter informéiert, muss d'Plattform dës Inhalter läschen.

Ausserdeem imposéiert den DSA méi streng Reegele fir "ganz grouss Online-Plattformen", also Plattforme mat méi wéi 45 Milliounen aktiven Notzer an der Europäescher Unioun (zum Beispill Facebook, Instagram, Tik Tok, X oder WhatsApp[5]). Nieft den uewe genannten allgemenge Verpflichtunge musse "ganz grouss Online-Plattformen" d'Risike vun illegalen Inhalter, déi op hire Servicer kéinte verbreet ginn, besonnesch Inhalter, déi Mannerjäreger betreffen, evaluéieren a falls néideg Moossnamen treffen, fir dës Risiken ze reduzéieren.

Fir d'Ëmsetzung vum DSA ass d'europäesch Kommissioun op europäeschem Niveau, an d'Konkurrenzautoritéit op nationalem Niveau, zoustänneg. Esou kann d'Konkurrenzautoritéit intervenéieren, am Fall wou eng Online-Plattform, déi zu Lëtzebuerg etabléiert ass, géint den DSA verstéisst, a si ka Reklamatioune respektiv Signalementer un d'europäesch Kommissioun an un déi national Koordinatore vun anere Memberstaate weiderleeden.

Am Fall wou Online-Plattformen hir Obligatiounen net erfëllen, kann eng Geldstrof vu bis zu 6 % vum järleche weltwäiten Ëmsaz operluecht ginn oder d'Déngschter temporär ausgesat ginn.

An dësem Kontext sief och op BEE SECURE verwisen. Heibäi handelt et sech ëm eng Regierungsinitiativ, déi vum Service national de la jeunesse (SNJ) an dem Kanner-Jugendtelefon (KJT) - an Zesummenaarbecht mam Luxembourg House of Cybersecurity, der Police Lëtzebuerg souwéi dem Parquet général - bedriwwe gëtt. BEE SECURE huet zum Ziel, d'Bewosstsi fir eng méi sécher a verantwortungsvoll Notzung vun digitalen Technologien ze stäerken a besonnesch Kanner, Jugendlecher souwéi hiert Ëmfeld (Elteren, Enseignanten, Educateuren, asw.) duerch geziilt Initiativen ze sensibiliséieren.

Zu de Servicer vu BEE SECURE gehéiert ë.a. de StopLine-Service, deen d'Méiglechkeet bitt, illegal Inhalter, wéi Child Sexual Abuse Material (CSAM), also Inhalter am Zesummenhang mat sexuellem Mëssbrauch vu Kanner, ze mellen. Dozou gehéiere Messagen, Biller oder Videoen, déi op sozialen Netzwierker, Foren, Blogs oder Websäite gepost goufen, an CSAM duerstellen oder

[3] Directive (UE) 2018/1972 du Parlement européen et du Conseil du 11 décembre 2018 établissant le code des communications électroniques européen (« directive (UE) 2018/1972 »).
[4] Considérant 14 du DSA.
[5] https://digital-strategy.ec.europa.eu/en/policies/list-designated-vlops-and-vloses

promouvéieren. Déi gemellten Inhalter ginn un déi national Police oder aner zoustänneg Autoritéite weidergeleet.

- **Wéi vill Meldungen am Zesummenhang mat sexuellem Kannermëssbrauch am Internet goufen an de leschte Joren zu Lëtzebuerg registréiert, a wéi vill dovunner stamen aus fräiwëllege Kontrollen duerch Plattformen?**

  De JUCHA System vun de Justizautoritéiten ass net dofir ausgeluecht, Recherchen op Basis vun der Origine vun enger Affär (Dénonciatioun vun enger Online-Plattform, Plainte vun enger Victime, etc.) duerchzeféieren. Dowéinst ass et leider net méiglech, exakt Statistiken doriwwer ze liwweren, wéi vill Justizaffären aus de fräiwëllege Kontrolle vun den Online-Plattforme stamen.

  D'Jugendschutzsektioun vun der Police kann awer doriwwer informéieren, wéi vill Affäre bei hinnen iwwert den amerikaneschen „NCMEC" (National Center for Missing & Exploited Children) erakomm sinn. Heibäi handelt et sech ëm eng Organisatioun, bei där ë.a. och Online-Plattforme kënne Kannermëssbrauchsmaterial iwwert eng CyberTipline denoncéieren.

  Iwwert dee Wee sinn zu Lëtzebuerg am Joer 2024 35 nei Dossieren erakomm, an 29 am Joer 2025. An deene Fäll goufen Instruktiounen opgemaach. Et handelt sech dobäi em Affären, déi en direkte Lien mat Lëtzebuerg hunn an an deenen e präsuméierten Täter kann identifizéiert ginn, dee virun de Lëtzebuergesche Geriichter ka poursuivéiert ginn.

  Meldungen am Zesummenhang mat sexuellem Kannermëssbrauch gin och vun der BEE SECURE Stopline erfaasst an un déi zoustänneg Autoritéite weidergeleet. Opgeschlësselt iwwert déi lescht Jore presentéiert sech d'Situatioun wéi follegt:

  - **2021: 1388 CSAM Meldungen**
  - **2022: 1756 CSAM Meldungen**
  - **2023: 3014 CSAM Meldungen**
  - **2024: 1375 CSAM Meldungen**
  - **2025: 4659 CSAM Meldungen**

  D'Meldungen am Beräich CSAM kommen iwwer zwee Weeër bei d'Stopline: iwwert e Meldesystem vun internationale Partner, an iwwert déi direkt Meldungen, déi all Bierger zu Lëtzebuerg anonym op der Websäit vun der Stopline maache kann. An dësem Kontext ass ervirzehiewen, dass net onbedéngt all Contenu, deen hei am Land gemellt gëtt, och zu Lëtzebuerg gehost ass.

  Fir d'BEE SECURE Stopline ass et net novollzéibar, ween déi ursprünglech Meldung gemaach huet. Aus deem Grond ka keng Ausso doriwwer gemaach ginn, wéi vill vun dëse Meldungen aus fräiwëllege Kontrollen duerch Plattforme stamen.

- **Wéi eng Mesuren plangt d'Regierung, fir e méigleche "Vide juridique" ze iwwerbrécken, bis en neie Kader um europäesche Niveau a Kraaft trëtt?**

Op nationalem Niveau verstäerkt d'Regierung de Kampf géint sexuelle Mëssbrauch a sexuell Ausbeutung vu Mannerjäregen, e.a. andeems se der Police an der Justiz déi néideg Moyene fir eng effikass a geziilte Strofverfollgung gëtt.

Déi systematesch Detektioun a Bekämpfung vu sexuellem Mëssbrauch vu Kanner am Internet kann awer nëmmen op europäeschem Niveau funktionéieren, engersäits well et wichteg ass, dass d'Plattformbedreiwer an der ganzer EU deene selwechte Reegelen ënnerleien, an anerersäits, well derogativ national Moossnamen riskéiere géint EU-Recht ze verstoussen.

Déi eenzeg effikass Manéier an dëser Matière ass dofir an de Verhandlungen iwwert dat permanent EU-Reglement séier virunzekommen an d'Lëtzebuerg Regierung ënnerstëtzt déi Efforten.

Lëtzebuerg, den 19. Mai 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue